N°1027
Entrée le 23.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1027 vum 17. Juli 2024 vun den honorabelen Deputéierten André BAULER a Luc EMERING zum Sujet "Contrôle des documents des véhicules"**

**Fro 1 :**

Ech kann net soen wéi vill Chaufferen zanter dem 1. Januar 2024 bei den diverse Policekontrolle kontrolléiert goufen, well d'Police keng Statistik iwwer d'Unzuel vun de kontrolléierte Chauffere féiert.

**Fro 2 bis Fro 4 :**

Betreffend de Fürerschäin, muss en Ënnerscheed gemaach ginn tëschent 2 verschiddene Fäll:

a) de Chauffeur, deen am Besëtz vun engem Fürerschäin ass, en awer net ka virweisen kritt en “Avertissement taxé" ausgestallt;

b) de Chauffeur, deen net am Besëtz vun engem Fürerschäin ass get protokolléiert an d'Justizautoritéite ginn dovun a Kenntnis gesat.

Vum 1. Januar bis de 26. Juli 2024 hunn insgesamt 843 Chaufferen en “Avertissement taxé” wéinst Net-Virweise vun engem Fürerschäi kritt. Dovunner waren 223 Chauffer vun engem Auto, deen net zu Lëtzebuerg immatrikuléiert war.

Op deem selwechten Zäitraum ass an insgesamt 116 Fäll Protokoll erstallt gi wéinst Fueren ouni Fürerschäin. An 53 Fäll war et géint Persounen, déi Net-Resident zu Lëtzebuerg sinn.

Och béi der Assurance muss en Ënnerscheed gemaach ginn tëschent deene Fäll, wou e Chauffer just seng Attestatioun net ka virweisen, den Auto awer verséchert ass, an deene Fäll, wou d'Gefier net verséchert ass.

848 Chauffere krute vum 1. Januar bis de 26. Juli 2024 en “Avertissement taxé”, well se hier Attestatioun net virweise konnten. Dovunner waren 68 Chauffer vu Gefierer, déi net zu Lëtzebuerg immatrikuléiert waren.

Op deem selwechten Zäitraum ass an insgesamt 66 Fäll Protokoll erriicht gi wéinst Fuere mat engem net versécherte Gefier. An 32 Fäll war et géint Persounen, déi Net-Resident zu Lëtzebuerg sinn.

Lëtzebuerg, den 23. August 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN